PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Momentan brauch een mam Zuch vun Ëlwen bis op d'Stater Gare, wann alles gutt geet, laut Mobilitéit.lu 1 Stonn an 11 Minutten.

Am Koalitiounsaccord ass net explizit virgesinn d'Dauer vun dësem Trajet ze verkierzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Här Minister, wat ass genee virgesinn, fir den Éisleker Leit den deeglechen Trajet fir an d'Stad däitlech ze verkierzen ?

2. Wéi vill Investitiounen sinn, d'Gare multimodale vun Ettelbréck ausgeholl, an de nächsten Joren fir d'Nordstreck bis op Ëlwen virgesinn ? A wéi eng Aarbechten fléissen dës Investitiounen genee ?

3. Wëssend, datt d'Nordstad sech soll méi a méi developpéieren an soumat méi attraktiv soll ginn a wëssend, datt ee momentan vun Ettelbréck méi séier mam Auto an der Stad ass wéi mam Zuch, ass geplangt d'Dauer vum Trajet Ettelbréck-Stad considerabel ze verkierzen?

4. Den Zuchverkéier op der Nordstreck verleeft op e puer Platzen nach ëmmer eegleiseg. Inwiefern beaflosst dëse Fait d'Dauer vum Trajet ?

5. Ass virgesinn, Här Minister, fir mëttel- bis laangfristeg verschidden Garen am Éislek zouzemaachen an aneren eng méi grouss Prioritéit ze ginn ? Wa jo, wéi eng Garen wieren dat ?

6. Här Minister, wéini kënnt endlech Wifi an den Zuch, wëssend, datt een tëscht Ëlwen a Miersch kaum Reseau huet ?

7. Här Minister, wéi vill gouf iwwert déi läscht 50 Joer op der Nordstreck an nei Infrastruktur, regulär Entretiensaarbechten ausgeholl, investéiert a wat sinn dat genee fir Projeten gewiescht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc